



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5389 vum 14. Dezember 2021 vun den honorabelen Deputéierte Max Hahn a Claude Lamberty

1. Fro: Wéi oft ass et iwwer déi lescht 5 Joer pro Joer zu Lëtzebuerg zu Fäll vu Vandalismus un ëffentleche Gebaier an Installatioune komm?

Et kann ee soen, dass am Duerchschnëtt iwwer déi lescht 5 Joer eng 15 bis 20 Fäll vu Vandalismus pro Joer un ëffentleche Gebaier an Installatioune déi am Patrimoine vum Staat sinn, un d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten erugedroen gi sinn. Hei handelt et sech haaptsächlech em Graffiti, Brandstëftung, Zerstéierung vu Luuchten a Fënsteren.

D'Zuelen iwwer déi lescht 5 Joer déi der Police grand-ducale virleien, an déi all ëffentlechen Infrastrukturen, souwuel kommunal wéi staatlech Infrastrukturen betreffen, also och d'Stroossen, sinn am folgenden Tableau opgelëscht:

Joer	Fäll vu Vandalismus un ëffentleche Infrastrukturen déi vun der Police grand-ducale enregistréiert goufen
2017	1854
2018	1873
2019	1859
2020	1696
2021	1448

2. Fro: Wat huet d'Reparatioun vun duerch Vandalismus zerstéiert Installatioun de Staat iwwer déi lescht 5 Joer pro Joer kascht?

E genaue Käschtepunkt pro Joer ass schwier ze bestëmmen, well d'Reparaturen deelweis vum Service vun den Atelieren vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten direkt ausgefouert gi sinn. Anerer si vum Occupant selwer an d'Rei gesat ginn oder extern Firme si mat den Reparaturaarbechten beoptraagt ginn.

Am Allgemenge kann ee soen, dass de Käschtepunkt vun de Beschiedegungen meeschtens tëschent EUR 1'000.- an EUR 10'000.- louch.

3. Fro: Wéi vill Leit sinn iwwer déi lescht 5 Joer wéinst Vandalismus zu Lëtzebuerg verbaliséiert ginn?

D'Zuelen iwwer déi lescht 5 Joer sinn am folgenden Tableau opgelëscht:

Joer	Unzuel vu Persounen déi säitens der Police grand-ducale verbaliséiert goufen
2017	547
2018	551
2019	652
2020	691
2021	557

4. Fro: Gëtt et Pläng vum Ministère dëser Evolutioun entgéint ze wierken? Wa jo, kann den Här Minister Detailler dozou ginn?

5. Fro: Wat fir Plazen am Land si besonnesch concernéiert?

Et muss eng detailléiert Analys um lokalen/regionalen an nationale Plang gemaach ginn, wou weieng Faiten genau geschitt sinn, fir der Evolutioun vum Vandalismus kennen sënnvoll entgéintzewierken. Aus de polizeileche Statistike geet z.B ervir, dat ronn 71% vun deene Faiten, déi an de leschte 5 Joer geschitt sinn, op der ëffentlecher Strooss stattfonnt hunn an 6,2% an oder ronderëm Schoulen.

Generell ginn et ëmmer 2 Approchen, déi repressiv Schinn mat méi haarden a gezielte Strofen an déi präventiv Schinn (Installatiounen déi net kënne vandaliséiert oder zerstéiert ginn, asw.).

D'Police kann hiren Deel dozou bäidroen, andeems se d'Auteurs vun dëse Strofdoten ermëttelt an andeems se do Presenz weist, wou Vandalismus geschitt ass respektiv probabel ass ze geschéien. Heifir fannen zum Deel am Kader vun den Comités de prévention Concertatiounen um lokalen Niveau statt. Déi Mesuren, déi do ugeduecht an en place gesat ginn, decken awer nëmmen e klenge Spektrum vu méigleche Léisungsusätz of, déi net nëmmen am Domaine vun der Police/Justiz ze siche sinn.

Lëtzebuerg, den 31. Januar 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch